

Dönschden, den 1. Dezember 2015



Staatstrojaner made in Luxembourg!

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg (C3L) weist sech schockéiert iwwert déi nei virgestallten Sécherheitsmesurë vun der aktueller Regierung.

Bei der potentieller Aféierung vun engem Staatstrojaner, stelle mir eis als Land, wat bedreiwe vun trojaniséierter Software ubelaangt, ob déi selwecht Stuf wéi Däitschland, Saudi-Arabien, Bahrain, Uganda, Kasachstan, Äthiopien, Ägypten, Marokko oder och Nigeria. Weiderhi géif e Staatstrojaner den ICT Standuert Lëtzebuerg komplett ënnergruewen. Wéiee Fuerscher, Informatiker oder Betrib deen sech mat Software beschäftegt, well Gefor lafen, datt sai Code mëssbraucht gëtt fir e Staatstrojaner ze erméiglechen?

"Wann all Bierger ënner direktem Generalverdacht steet, dann huet dat näischt méi mat Sécherheet ze dinn, mä mat Aschränkunge vu fundamentale Rechter." erklärt den Jan GUTH.

Mir roden allen nationale wéi och internationale Clienten un, déi Lëtzebuerg als Standuert fir hir Daten notze wëllen, dëst nach eemol ze iwwerdenken.

Schliisslech steet „Digital Luxembourg“, falls dës Proposë sollen sou gestëmmt ginn, ënnert anerem fir: Generalverdacht duerch Virratsdatenspäicherung, Staatstrojaner, an nach aner Iwwerwaachungsmesuren. Lëtzebuerg degradéiert sech domadder als ICT Standuert zu enger „*res publica non grata*“.

De Sam GRÜNEISEN weist drop hinn datt: *"An Zäite vun Terrorhysterie an Angschtmaacherei brauche mer méi Oppenheet a méi Fräiheeten a net manner!"*

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg wäert net ouni Weideres roueg nokucken, wéi des Regierung ongebremst Biergerrechter weider aschränkt. Friddlech Demonstratiounen, Cryptopartys, Opklärung vun de Bierger a Verschlësselung, sinn Géigemesuren déi mir ergräife wäerte fir dësen Aschränkungen entgéint ze wierken.

Et kéint een bal mengen datt, den Edward SNOWDEN hei vu Lëtzebuerg geschwat huet: *„Even if you're not doing anything, you are being watched and recorded.“*

(Presse)kontakt:

e. info@c3l.lu / press@c3l.lu (0xAEA15E4D)

t. +352-691-71-77-44

w. <http://c3l.lu>